# Carte blanche RTL radio 12. Juli 2017

Michel Maquil, President vun InFiNe.lu

## Version luxembourgeoise

An der leschter Zäit sinn eng Rei Banken an aner Finanzinstituter verstäerkt mat enger spezieller Zort Obligatiounen op de Marché komm an zwar déi sogenannte Green Bonds oder gréng Obligatiounen. Am Fong handelt et sech hei ëm ganz normal Obligatioune mat deem eenzegen Ënnerscheed datt mat deem Geld wat hei agesammelt gëtt nëmme Projeten finanzéiert ginn déi ee groussen nohaltegen Impakt op d'Ëmwelt hunn. Dat kënne Projeten si wéi d'Produktioun vun erneierbar Energie, d'Ariichten vun Transportsystemer déi keen CO2 ausstossen, den Opbau vun nohaltege Waasseropbereedungsanlagen oder vu moderne Kläranlagen.

Een Emetteur vu gréngen Obligatioune muss sech allerdéngs verflichten alles a voller Transparenz ze maachen. Esou kann den Investisseur sech vergewësseren datt, während der ganzer Lafzäit vun der Obligatioun, den Emetteur sech un déi Verflichtungen hällt déi hien ëffentlech agaangen ass.

Den Emetteur beweist esou datt hie sech fir eng nohalteg Entwécklung vun der Economie asetzt. Dat erlaabt him dës Obligatioune relatif einfach bei enger Rei Investisseuren ze plazéieren. Et ginn ëmmer méi Investisseuren déi esouguer nëmmen gréng oder ähnlech Obligatioune kafen, well se iwwerzeegt sinn dat Betriber nëmmen eng Chance hu laangfristeg ze iwwerliewen, wann se reng nohalteg Ziler verfolgen.

U sech ass eng gréng Obligatioun ee Finanzinstrument dat liicht verständlech ass an och zu Recht ee groussen Interesse mat sech bruecht huet. Déi héich Zuel vun dëse gréngen Obligatiounen ass de beschte Beweis datt et sech em ee bleiwenden Trend handelt. Den Investisseur kann esou dee Projet hëllefe finanzéieren deen him am meeschten um Häerz läit. Et ass eng Iwwerleeung déi laangfristeg orientéiert ass.

Zënter kuerzem huet LuxFLAG, eng Lëtzebuerger Associatioun ugefaangen ee Qualitéitslabel fir esou gréng Obligatiounen eraus ze ginn, wat de choix vum Investisseur nach méi einfach mécht. Et kann ee LuxFLAG nëmme félicitéieren fir dës Initiativ déi si geholl hunn.

Wann een elo als einfachen Investisseur esou gréng Obligatioune bei der Suscriptioun wëll kafen, da kritt ee gesot datt déi nëmme fir professionel Investisseure reservéiert sinn. Fazit: et kann een se da zwar nach indirekt z.B. iwwer een “Investment Fong” kafen, mä dat bréngt automatesch méi komplizéiert Strukture mat an d'Spill a sécher och méi Onkäschten.

Dat ass Schued well grad an enger Zäit wou op manst an der Europäescher Unioun och nach de Kapitalmaart soll staark gefërdert ginn, a wou zur selwechter Zäit vill Leit bereet sinn hier Erspuernisser geziilt ze placéieren, wieren dach esou einfach a liicht verständlech Finanzprodukter deen ideale Wee fir esou Ziler ze erreechen an ee maximum Leit direkt mat anzebannen.